PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:43, 06/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.

Am Kader vun der Coronakris goufen lëtzebuergesch Douanieren a Policebeamten requisitionéiert, fir déi däitsch Douane a Police bei Grenzkontrollen ze ënnerstëtzen.

Am Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz betreffend de Mesuren zum COVID-19, ass net rieds vu Grenzkontrollen. Laut dem Gesetz vum 9. Juni (*ayant pour objet d'habiliter les agents de l'administration des douanes à exercer certaines attributions de la police générale)* ass virgesinn, datt Auslänner kann d'Entrée an d'Land refuséiert ginn. Vun der Ausrees ass dobäi net rieds.

Eisen Informatiounen no kontrolléiert d'Douane an och d'Police awer den Ament och déi Leit, déi ausreesen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Féiert d'Douane an/oder d'Police ee Regëster betreffend de kontrolléierte Persounen oder deenen, déi duerchgewonk ginn? Wa jo, wat genee gëtt an dësem Regëster enregistréiert? Falls sou ee Regëster existéiert, wat ass d'Base legale fir dësen?

2. Op Grond vu wéi enger Base legale kann eng Ausrees vun der lëtzebuergescher Douane an/oder Police refuséiert ginn?

3. Wat ass d'Base legale vun den aktuelle Grenzkontrollen, déi duerch d'lëtzebuergesch Douane an/oder Police duerchgefouert ginn?

4. Goufen et eng Concertatioun mat den däitschen Autoritéiten betreffend engem Ordre d'opération fir d'lëtzebuergesch Beamten?

5. Falls sou ee Regëster existéiert, ginn dës conservéiert? Falls jo, fir wéi laang? Falls net, wat passéiert dermat?

6. Här Minister, stellt eng Ausrees an Däitschland aktuell eng Infraktioun duer, falls kee valabele Grond fir d'Ausrees ka genannt ginn? Wa jo, wat ass hei d'Base legale?

7. Wat ass den Ordre d'Opératioun fir d'lëtzebuergesch Douanieren a Polizisten? Wéini gouf dësen un d'Douanieren a d'Polizisten ausgehännegt?

8. Wien a wat genee sinn d'lëtzebuergesch Douanieren a Polizisten opgeruff ze kontrolléieren a mussen si souwuel déi Leit kontrolléieren déi areesen, wéi och déi déi ausreesen? Kéint den Här Minister eis an dësem Kontext e puer Prezisioune liwweren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (06.04.2020)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

.

. Luxembourg, le 06 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2148 du 06.05.2020 de Monsieur le Député Sven Clement
- Contrôles des frontières

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés